Versions internationales

CONTER

# LÉIF MATBIERGER

Heimat wëlle  mir eise Wieler villmools ***Merci*** soe  fir dat grousst Vertrauen, dat dir ons den 11. Juni ginn hutt.

Duerch Är Stëmmen hu mir, als Walgewënner, et fäerdeg  bruecht mat 44,2% déi stäerkste  Fraktioun am Gemengerot zu Conter ze bleiwen an och weiderhi  mat 5 Sëtz am Gemengerot vertrueden ze sinn.

Wéi versprach hu mir no de Wale  mat alle Parteie  geschwat an eng Analyse vun de Walprogramme gemaach. Doropshin, an am Sënn  vun eisem Welle fir an enger Kontinuitéit weider ze schaffen, wäerte  mir dat och di nächst  sechs Joer an enger CSV-LSAP Koalitioun maachen.

Selbstverständlech gëtt  och weiderhin  duerch d'Aarbechtssëtzungen deganze Gemengerot beim Ausschaffe vu wichtege  Projete mat agebonnen. Vill Projeten hu mir ausgeschafft a  sollen an deene nächste  Joren ëmgesat  ginn. Eist Ziel ass eng konstruktiv a  wäitsiichteg  Politik fir all Bierger.

Dëst ass nëmme  méiglech wa mir, wéi bis elo, Iech, léif Biergerinnen a Bierger, mat abannen duerch reegelméisseg  Biergerversammlungen a Workshoppen  zu deene gréissere  Projeten an eiser Gemeng.

Mir zielen och an deene nächste  6 Joer op Är  konstruktiv Mataarbecht  fir d'Zuku-nft vun eiser schéiner Gemeng.

***Merci*** fir Äert  Vertrauen, ***Merci*** fir Är  Ënnerstëtzung.







# ÄDDI A BIS GESCHWËNN



Mir mussen iech matdeelen, dass den Tom Jungblut, deen den 11. Juni 2023 mat 1014 Stëmmen an de Gemengerot gewielt ginn ass, säi Mandat leider net kann unhuelen, an dat aus gesondheetleche Grënn.

Den Tom huet déi läscht sechs Joer, dovunner zwee Joer als Gemengeconseiller, an duerno véier Joer als Schäffen eng ganz gutt Aarbecht geleescht fir eis Gemeng virun ze bréngen an huet sech dagdeeglech fir eis Biergerinnen- a Bierger agesat.

Mir soen dem Tom villmools Merci fir di gutt Zesummenaarbecht a besonnesch fir alles wat hien fir seng Gemeng Conter gemaach huet.

Mir alleguer, seng Kolleege vun der CSV Conter, wënschen him eng gutt Besserung an dass et erëm séier Bierg op geet.

